Clubmeeschterschaft éischten Manche

am Heischenter Grond

Haut Samsdes den 20. September 2014 hat den Flyfishing Club Lëtzebuerg séng Memberen invitéiert fir ob der Uewersauer am Heischenter Grond déi éischt Manche vun hirer Clubmeeschterschaft auszedroën. Et haten sech am Ganzen éng eelef Memberen dëser Erausfuerderung gestallt an Sie hun bei herrlechem Hierschtwieder een flotten Dag op der No Kill Streck vum Wëltzer Fëscherclub verbruecht. Moies ass den Niwwel nach iwwert d'Sauer gezun an och den Besch huet esou lues ungefaangen Farw ze bekennen. d'Päerd an der Wis laanscht Sauer woren och um Rendez vous an hun eis schon freedeg begréisst ewei mir no der obligatorescher Taas Kaffi d'Stänn setzen gaangen sin.

Fir d´Éischt sin awer eemol d´Staangen opgeriicht gin an erléng Dat ass schon éng Wëssenschaft fir sech, Jidereen probéiert natirlech hei schon deem anneren Fëscherkolleg den Wuurm ze zéien an eraus ze fannen ewei Dësen et ungeet. Dobäi hun déi Éng och dëst Joër erëm op drechen Mécken gesat ewoubäi déi Anner et mat naassen Mécken oder Nymphen wollten ungoën. Unsech gët et bei der Auswiel vun den Mécken och kéng esou grouss Geheimnisser méi ewell mir eis schon Alleguer esou laang kennen dass Een dem Anneren séng Préferencen kennt, mée dat Gestëppels virum Mätsch gehéiert einfach dozou an schliesslech leën zeguer d´Fëscher vum Flyfishing Club Lëtzebuerg sportlechen Éiergäiz un den Dag wann et heescht eis Clubmeeschterschaft auszedroën. Nodeems den Erny schon ganz äifreg den Pabeierkrom erleedegt hat hun mir dun dierfen eis Plazen fir déi eenzel Manchen aus dem Jeek séngem Hut zauberen an och hei huet et net un deenen néidegen Kommentären gefeelt ewell natirlech Jidereen der Ménung wor dass déi anner Fëscher natirlech vill besser Plazen gezun häten.

Nodeems mir dun Alleguerten eis gudd oder manner gudd Plazen gezun haten, hun mir eis op den Weë bei d´Waasser gemeet. Ewei mir hei unkomm woren an gewuart hun bis dass den Jeek déi éischten Manche ungetuut huet, hun mir schon déi éischten Gobagen um Waasser kënnen gesin. Dat ass natirlech ganz gudd fir d´Motivatioun mée leider huet sech och dëst Joër erëm erausgestallt dass wuel vill Forellen ze fänken woren mée dass déi Wéinegst déi gefoudert Mindestmooss haten. Et sin awer vill Fësch gefaangen gin an et huet sech een spannenden Mätsch ungekënnegt.

Knapps lasgeluecht hun mir dun, ewei kéint et och anneschters bei onserem Club sin, awer eemol éng fatzég Paus angeluecht an hun am Hotel Bissen zu Mëtteg giess. Natirlech woren mir eis eens dass no esou énger unstrengender Fëscherei eis Reserven erëm hun missen opgefëllt gin an dat huet och, ewei kéint et och anneschters sin, erëm ee bëssen méi laang gedauert. Gudd gesiedegt hun mir dun Mëttes dann och éischter een gemitlechen Éiergäiz un den Dag geluecht. Et sin awer och Mëttes vill Fësch gefaangen gin an et wor keen Fëscher mat énger Nullwertung dobäi. Ofschléissend hun mir eis dun nach bei éngem gudden Patt zesummen gesat fir d´Resultater auszerechnen déi dun och vun eisem Präisident, dem Jeek, verkënnegt gin sin esou dass sech elo och éng spannend zweet Manche um Séi vun Rabais unkënnegt.

Elo bleiwt nëmmen nach d´Oplëschtung vun den Resultater an zu gudder Lescht wënschen ech dann all Fëscher „bonne Chance“ fir déi zweeten Manche um Séi vun Rabais ewou mir hoffentlech genee esou gudd Wieder virfannen wäerten ewei am Heischenter Grond an dann steet éngem spannenden zweeten Duurchgang Näischt méi am Weë.

CLUBMEESCHTERSCHAFT 2014

NUMM:	ÉISCHT MANCHE		ZWEET MANCHE		RESULTAT	
	Punkten:	Plaz:	Punkten:	Plaz:	Punkten:	Plaz:
Änder Jung	456	1.				
Patrick Bartholmé	387	2.				
Luss Dilk	343	3.				
Jean – Jaques May	282	4.				
Dan Muno	200	5.				
Patrick Scheid	164	6.				
Albert Bettendorff	96	7.				
Jemp Hoffmann	87	8.				
Jemp Nicolas	85	9.				
Marc Duton	85	9.				
Marc Dumont	81	11.				
Fränz Meis	abs.	12.				
Mich Gilson	abs.	12.				